



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7142 vum 9. November 2022 vum éierewäerten Deputéierten Här André Bauler iwwert den "Déblaiement de la Sûre"

1. Ass geplangt fir änlech Aarbechten zu Méchela, besonnesch um Wilspull, duerchzeféieren?

Nee, fir den Ament si keng Aarbechten an dësem Kontext zu Méchela geplangt. D'Situatioun vun der Vegetatioun gëtt am A behalen an et gouf d'lescht Joer een Entretien vun der Vegetatioun ënnerhalb vum Wilspull duerchgefouert.

2. A wat fir enge Gemenge vum Land sollen an Zukunft nach där Aarbechten duerchgefouert ginn?

D'Waasserverwaltung (AGE) surveilléiert eng ganz Rei vu kritesche Plazen an de Gewässer, wou sech ëmmer rëm, mat der Zäit oder no engem Héichwaasser Sedimenter usammelen oder sech d'Vegetatioun verbreet.

Dës kritesch Plaze ginn haaptsächlech an oder direkt ënnerhalb vun Uertschafte mat engem potentiellen Héichwaasserrisiko am urbane Raum identifizéiert. Dozou gehéieren och Enkpäss wéi Brécken a kanaliséiert Sektione vu Gewässer. D'Vegetatioun gëtt op dës kritesche Plaze reegelméisseg zeréck geschnidden. Bei den Oflagerunge vu Sedimenter gëtt ëmmer de Besoin vun der nächster Interventioun evaluéiert. Dës Aarbechte ginn néideg, fir ee méiglechst fräien Offloss vun engem Héichwaasser ze garantéieren, sou datt et op dës Plazen net zu enger Verschäerfung vum Héichwaasserrisiko kënnt. Aktuell leeft eng Etüd zu Dikrech, wou virgesinn ass, fir op der Héicht vum Camping Oflagerungen op der Wiss ofzeterrasséieren. Weider Aarbechte vun där Zort si kuerzfristeg net virgesinn.

3. Wat fir eng spezifesch Autorisatioune sinn an deem Zesammenhang all Kéier erfuerdert?

Wat d'Ëmweltlegislatioun ugeet, si fir dës Aarbechten eng Naturschutzgeneemegung an eng Waassergeneemegung erfuerderlech. Soubal op de Grenzgewässer mat Däitschland Aarbechten am Kondominium-Beräich gemaach ginn, sinn och Autorisatioune vun den däitschen Autoritéiten néideg.

4. Sinn och sou Aarbechten zu Angelduerf „am Al“ virgesinn (Gemeng Ierpeldeng-Sauer)?“

Zu Angelduerf "am Al" goufen 2017 Aarbechten an Ofstëmmung mat der Naturverwaltung ëmgesat fir dës Site a senger Funktioun als Retentiounsraum ze erhalen. Aktuell sinn hei keng weider Aarbechten virgesinn.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung